ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 FEV. 2019
363

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit sinn an e puer Länner Jonker op d'Strooss gaangen, fir géint de Klimawandel ze demonstréieren. De 15. Mäerz ass an deem Kontext en internationale Klimastreik geplangt, un deem Schüler aus 40 Länner sollen deelhuelen. Och Lëtzebuerger wäerte sech, aller Wahrscheinlechkeet no, un dëser Mobilisatioun bedeelegen. D'Zeitung *Le Quotidien* beriicht an deem Kontext, datt d'Schüler hiert Gebai um 10:00 verloosse fir sech um Glacis ze versammelen, wou de Streik um 12:30 Auer soll ufänken.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Minister stellen:

1. Kann den Här Minister déi Informatioune bestätegen? Huet hie säin Accord ginn, fir datt Schüler d'Schoul däerfe verloossen, fir bei enger Klimademonstratioun matzemaachen?
2. Wa jo, gesäit den Här Schoulminister et als opportun un, am Kader vun enger international geplangter Protestbeweegung de reguläre Schoulunterrecht ze ënnerbriechen? Stellt d'Aussetze vum reguläre Schoulunterrecht fir d'Organiséiere vun engem „Klimastreik" an den Ae vum Här Minister eng politesch an ideologesch Beaflossung vum Schoulbetrib duer?
3. Wien iwwerhëlt fir d'Zäit vum Streik d'Responsabilitéit iwwert d'Schüler, déi net an der Schoul sinn?
4. Kann de Schüler selwer decidéieren, ob hien un dëser Manifestatioun wëll deelhuelen, och wann e mannerjäreg ass?

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

5. Wa jo, wat passéiert mat deene Schüler, déi net wëllen un dëser Manifestatioun deelhuelen? Gëtt och fir si de reguläre Schoulunterrecht ënnerbrach?
6. Wéi gëtt d'Participatioun un engem „Klimastreik" administrativ enregistréiert? Ass dat eng „absence excusée" oder „non excusée" vun de concernéierte Schüler?
7. Gi schoulesch Aktivitéite wéinst dem „Klimastreik" verännert oder verluecht, zum Beispill bei der Planifikatioun vu Prüfungen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 14 mars 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 363 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Ech ënnerstëtzen dat gesellschaftlecht Engagement vun eise Jonken an der Fro vum Klimawandel, dee fir eis an déi kommend Generatiounen eng vun de gréissten Erausfuerderungen duerstellt. Eng Partie Schüler aus Lëtzebuerger Schoule wäerten dann och am Kader vum internationale Klimastreik un där Mobilisatioun vum 15. Mäerz 2019 deelhuelen.

Ech hunn als Minister awer keen allgemengen Accord ginn, deen et de Schüler géif erlaben, d'Schoul ze verloossen, fir un deem Klimastreik deelzehuelen. Et ass awer esou, datt ech decidéiert hunn, datt eng Dispens soll accordéiert gi fir déi mannerjäreg Schüler, déi eng vun den Elteren ënnerschriwwen "Autorisation parentale" kënne virweisen, woumatter si hirem Kand oder hire Kanner erlaben, um Klimastreik deelzehuelen. Hir Absence de 15. Mäerz vun 10 Auer un (11 Auer an der Stad) ass domatter entschëllegt. D'Schüler vun 18 Joer an driwwer kënnen sech d'Excuse selwer ausfëllen. Schüler, déi keng "Autorisation parentale" oder Excuse ofginn, kréien hir Absence als "non-excusée" ugerechent. Eng deementspriechend Instruktioun ass den 28. Februar un d'Direktioune vun de verschiddene Lycéeë gaangen.

**Ad 2)**

De reguläre Schoulunterrecht gëtt net ënnerbrach, mä wäert a Präsenz vun deene Schüler, déi net un där Manifestatioun deelhuelen, weiderlafen.

**Ad 3)**

D'Schoul iwwerhëlt net d'Responsabilitéit iwwert d'Schüler, déi fir d'Zäit vum Streik net an der Schoul sinn, och net iwwert déi, déi eng Dispense kruten. D'Verantwortung läit hei bei den Eltere vun de mannerjärege Schüler, respektiv bei de Schüler vun 18 Joer an driwwer.

**Ad 4)**

Mannerjäreg Schüler brauche wéi gesot eng vun den Elteren ënnerschriwwen "Autorisation parentale", woumatter si hirem Kand oder hire Kanner erlaben, um Klimastreik deelzehuelen. D'Schüler vun 18 Joer an driwwer kënnen sech d'Excuse selwer ausfëllen an deemno selwer entscheeden, ob si un dëser Manifestatioun deelhuelen.

**Ad 5)**

Wéi schonns erwäänt, gëtt de reguläre Schoulunterrecht net ënnerbrach, mä wäert a Präsenz vun deene Schüler, déi net un där Manifestatioun deelhuelen, weiderlafen.

**Ad 6)**

Schüler, déi keng "Autorisation parentale" oder Excuse ofginn, kréien hir Absence als "non-excusée" ugerechent, fir déi aner Schüler gëtt eng "Absence excusée" agedroen.

**Ad 7)**

Jo, schoulesch Aktivitéite wäerte wéinst dem Klimastreik verluecht ginn. Sou wäerten deen Dag keng Prüfunge stattfannen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse